N°2421
Entrée le 05.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.06.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/06/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Aktuell existéieren, den Informatiounen um Geoportail no, zu Lëtzebuerg 15 gréisser Bauschuttdeponien, déi wichteg sinn, fir dass hei am Land weider um Wunnengsbau ka geschafft ginn. Et ass wichteg, dass d'Deponien no vun de Chantiere sinn, fir onnéideg Trajete mat de grousse Camionen ze reduzéieren. Wéi mer zougedroe gouf, soll am Westen am Raum Stengefort/Garnech eng weider Deponie opgemaach ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister informéieren, ob eng weider Deponie am Raum Stengefort/Garnech wäert opgoen?
2. Wéi eng weider Deponië wäerte fir de Bausektor zu Lëtzebuerg souwéi an der noer Groussregioun an noer Zukunft bäikommen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten